





NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

6/2008


Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,




D'Joer 2008 geet lues a lues sengem Enn entgéint, a mir bereeden ons op d'Festlechkeete vum Joeresenn fir. Fir de Comité Alstad heescht dat dann och fir e klenge Réckbléck op dat vergaangent Joer ze man. Et wor e rouegt Joer fir de Comité Alstad. Erënnere mer just un d'Éimaischen, d'Ausstellung « D'Alstad, schwarz a wäiss » mat Fotoë vum Carlo Didier an un d'Première vun onsem Film « Anno Domini 987 – Méchelskierch um Fëschmaart » Mëtt Oktober an der Méchelskierch. Loosse mer ons awer och un onse langjährege Member Johnny Flick erënneren, deen ons fir ëmmer verlooss huet.

Elo hu dir déi 6. Editioun vun den „Alstad news" virun iech, a mir hoffen, datt mer iech hei kënnen e puer Iddië gi fir är Cadeaue fir Niklosdag oder Chrëschtdag. Et sinn dat eng Vue op d'Stad Lëtzebuerg, vum Fetschenhaff aus gesinn, vum Lëtzebuerger J.B. Fresez, an d'DVD « Anno Domini 987 – Méchelskierch um Fëschmaart ».

An deene kommende Méint steet nach ewell vill Aarbecht vrun der Dier. Ausser onsen traditionnelle Manifestatiounen, wéi d'Éimaischen oder och onsen Ouschtersalon, ass fir den Dezember 2009, am Kader vum Haendel Joer, d'Opféierung vum Messias op lëtzebuergesch virgesinn. En zweete grousse Projet ass eng Ausstellung ënnert dem Titel « Trésors d'Europe », eng Ausstellung iwwer 27 europäesch Unescositen. – Dir gesitt, d'Aarbecht geet ons net aus.

Zum Schluss wëll ech iech vun hei aus, am Numm vum Comité Alstad, merci soe fir är moralesch a finanziell Ënnerstëtzung fir d'Joer 2008. Ech wënschen iech alleguer schéin a besënnlech Chrëschtdeeg, all Gutts fir d'Joer 2009, an hoffen datt mir iech dat nächst Joer bei däer enger oder anerer vun onse Manifestatioune begréisse kënnen.

Jean-Mathias GOERENS
*President*




**« ANNO DOMINI 987 – MÉCHELSKIERCH UM FËSCHMAART »** *Gewënner vum « 56. Concours National de la meilleure vidéo » organiséiert vun der Fédération Luxembourgeoise du Cinéma d'Auteur (F.G.D.C.A.).*

## OPRUFF

Mir sinn derbäi fir e Fotoarchiv opzebauen, a mir wiere ganz frou, wa mir dobäi kéinten op Är Mathëllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun onser Alstad. Dat kënnen Architekturfotoë sinn oder vu kulturelle Manifestatiounen, natierlech och vun der Éimaischen. Et kënnen och Fotoë si vu sportlechen Evenementer (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn) oder Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hieren Aktivitéiten. Och si mir natierlech intresséiert u Fotoë vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher (Prozessiounen, Kommunioun asw.)oder Fotoë vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hunn. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën, déi mam Fëschmaart an onser Alstad ze dinn hunn.

Wann Dir sollt esou Fotoën hunn, wiere mir ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen, fir datt mir dovu kënnen eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen, datt Är Originaler mat der gréisst méiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt Dir se onbeschiedegt zréck kritt.

Wann Dir ons hëllefe kënnt, oder wann Dir weider Informatioune braucht, da rufft ons einfach un, um **TELEFON: 46 61 88**.

Vun dëser Plaz elo schons e ganz grousse MERCI fir Är Mathëllef an Är Ënnerstëtzung.


**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

## Eng Vue vun der Stad Lëtzebuerg aus dem Joer 1835



De Jean-Baptiste Fresez, gebuer den 10. Juli 1800 zu Lonkech am Frankräich a gestuerwen an der Stad, den 31. Mäerz 1867, wor e lëtzebuergesche Moler.

Hien huet op der « Académie des Beaux Arts » zu Bréissel studéiert a Studiereesen a verschidden europäesch Stied gemaach. 1802 ass hie mat sengen Elteren op Lëtzebuerg komm. 1848 krut de J.B. Fresez déi lëtzebuergesch Nationalitéit duerch Optioun. Am Hierscht 1824 gouf de Fresez als Zeecheprofesser ugestallt an huet Couren an de Schoule vun der Stad Lëtzebuerg an am Kolléisch ginn. Dem Fresez seng Spezialitéit wor d'Portraits - an d'Landschaftsmolerei. Eent vun den Haaptwierker vum J.B. Fresez ass säin « Album pittoresque du Grand-Duché de Luxembourg » mat 30 Biller an historeschen Erklärungen. Et staamt aus dem Joer 1855. Vum historesche Standpunkt si seng Biller nach haut vun onschätzbarem Wäert.

De Comité Alstad bidd iech dëst Joer eng méi onbekannte Vue vun der Stad als Faksimilé un. Et ass eng Vue vun der Stad Lëtzebuerg am Joer 1835 vum Fetschenhaff, vun der Tréiererstrooss aus gesinn. D'Original gëtt an onser Nationalbibliothéik versuergt.

De Faksimile an der Gréisst 30 x 40 cm, gedréckt op Pobeier 40 x 50 cm Focusart 250gr/m² kascht 20 €.

Bestelle kann een dëse Faksimile beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **Fortis Bank Lëtzebuerg:** | **IBAN LU64 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Faksimile vun Dënschdes, dem 3. Dezember 2008 un am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart. An dat all Dag, ausser Méindes, vu murjes 10:00 bis 12:00 Auer a mëttes vun 13:30 bis 18:30 Auer.

Vläicht hu mir iech heimat eng Iddi ginn, wann der nach op der Sich sidd fir e schéine Cadeau fir déi kommend Feierdeeg.

## Adventsconcert an der Méchelskierch

De Vocalensembel « Jubilate Musica » gouf am Joer 1984 vum Professer Roland Kaber an d'Liewe geruff. En huet sech virun allem op d'Interprétatioun vun der Musek aus der Renaissance an dem Barock spezialiséiert.

2002 huet den Ensembel um Nationale Gesangconcours vun der UGDA deelgeholl a sech an der Division Excellence mat engem Grand premier prix klasséiert.

Haut besteet den Ensembel aus 18 Sänger a Sängerinnen an hire Répertoire ass am Laf vun de Joeren ëmmer méi grouss ginn.

De Comité Alstad ass houfrech, dësen Ensembel an der eelster Kierch vun der Stad kënnen ze empfänke fir en Adventsconcert.

**E Mëttwoch, den 3. Dezember 2008 um 20:00 Auer an der Méchelskierch um Fëschmaart**

Um Programm:

Claude Balbastre (1727-1799) : Prélude du Concerto pour Orgue
Johann Eccard (1553-1611) : Übers Gebirg Maria geht (Chouer a capella)
Claude Balbastre (1727-1799) : « Joseph est bien marié » (Uergel)
Zoltán Kodály (1882-1967) : Adventi ének – Veni Emanuel (Chouer a capella)
Dom Paul Benoit (1893-1979) : Pour l'Avent sur deux themes: "Rorate coeli desuper" et "Venez divin Messie"



Thomas Tallis (1505-1585) : O nata lux de lumine (Chouer a capella)
Morten Lauridsen (*1943) : O nata lux (Chouer a capella)
Camille Saint-Saëns : (1835-1921) : Improvisation en la mineur (extrait de l'op. 150) fir Uergel
Gabriel Fauré (1845-1924) : Cantique de Jean Racine op. 11 (Chouer an Uergel)
Camille Saint-Saëns : (1835-1921) : Oratorio de Noël op. 12 (Chouer, Solisten an Uergel)

Solisten: Ekaterina Lucius-Popova, Sopran, Kiara Sealy, Mezzosopran, Martina Breiling, Alt, Thomas Kuhnen, Tenor, David Ziegler, Bass an op der Uergel den Organist vun St. Méchel Alain Wirth

Direktioun: Burkhard Pütz

**Entrée : 15 €**

**Reservéiere kann een um Telefon 46 61 88, mat Fax um 40 97 50**

# Anno Domini 987 – Méchelskierch um Fëschmaart

## En DVD iwwert Porkierch Sankt Méchel um Fëschmaart

Porkierch Sankt Méchel zielt zwar net zu deene monumentalsten Bauwierker vu Lëtzebuerg, gehéiert awer zu deenen eelsten architektoneschen Zeien vun der Lëtzebuerger Kierchegeschicht. Dacks duerch Krich, Feier an Ëmbau zerstéiert, gof se ëmmer erëm nei opgeriicht,, an esou stellt d'Kierch haut en eenheetlecht Gebäi duer.

D' Urspréing vun der Sankt Méchelskierch um Fëschmaart gin bis an dat 10. Joerhonnert zréck. Et ass domat déi eelste Kierch vun der Stad Lëtzebuerg. Si steet um Fëschmaart am Häerz vun der Alstad. Si dépasséiert déi al Wall- a Festungsmaueren, déi haut op der Unesco-Lëscht stinn. Säit dem 27. Mee 1963 ass d'Méchelskierch och als nationalt Monument klasséiert.

Ronderëm d'Kierch mat hirem markante Klackentuurm huet sech am Laf vun den Joerhonnerten dat kulturellt, economescht a sozialt Liewen vun der spéiderer Stad Lëtzebuerg entwéckelt. Nach haut gehéieren zur der Por Sankt Méchel de Groussherzogleche Palais, d'Chamber an den Staatsrot.

Am Mëttelalter sinn hei vill Brudderschaften entstann, déi an der Méchelskierch hire Sëtz haten. D'Membere vun den Zonften hu sech an der Kierch versammelt fir ze bieden an d'Mëss ze feieren. Och haut nach komme féierend Perséinlechkeeten vum öffentleche Liewen heihin, fir sech fir hir Aufgaben de Schutz vum Himmel ze froen.

De Comité Alstad a.s.b.l., an Zesummenaarbecht mat dem Ciné-Vidéo Flash Roeserbann, huet en Dokumentarfilm iwwert d'Méchelskierch réaliséiert, deen mir lech elo als DVD kënnen ubidden. Theme vum Film sinn Geschicht, d'Architektur, de Mobilier, Reliéskonscht an d'Kierchefënsteren.


***Bis zum 10. Dezember 2008 kann een den DVD zum Souscriptiounspräis vu 15 € (pro Film) beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vun der entsprechender Zomm op ee vun onse Konten***


| | |
|---|---|
| Fortis Bank Lëtzebuerg: | IBAN LU64 0030 7564 6694 0000 |
| Spuerkeess: | IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 |
| Postscheck: | IBAN LU02 1111 0080 8736 0000 |

ÄREN BESTALLTEN DVD KËNNT UM POSTWEE BEI IECH HEEM.

Fir weider Renseignementer téléfonéiert op den Nummer 46 61 88.

Et sief nach ze bemierken, dat een den DVD mat lëtzebuergeschem, däitschem, franzéischem oder mat engleschem Commentair kucke kann.



**E Sonndeg, den 16. November 2008 huet de Film « Anno Domini 987 – Méchelskierch um Fëschmaart » beim « 56. Concours National de la meilleure vidéo organiséiert vun der Fédération Luxembourgeoise du Cinéma d'Auteur (F.G.D.C.A.), Gold-Médaille fir de beschten Film krutt, an dobai och nach de Präis fir de beschte Montage.**

**GRATULATIOUN !**

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (6)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM
SERGE DI PAOLI - CLAUDE DIDIER

Gi mer weider Richtung Palais, komme mer bei en Haus, wou aus der Fassade e grousse Kapp, oder soll ee soen eng Fratz, eraus kuckt. Dës Fratz erënnert ons un déi Zäit, wéi hei nach de Kino „Cinéma de la Cour" stong. Bei den Ausgruewungsaarbechte fir de Kino hunn Aarbechter e bedeitende Mënzfond gemaach. Et woren ëm déi 120 Mënzen an engem Krou. Bei geneeër Iwwerpréiwung huet et sech dunn erausgestallt, datt et versëlwert Mënze woren, déi wahrscheinlech am XIII. oder XIV. Joerhonnert geschloe goufen, fir se als echt Sëlwermënzen ënnert d'Leit ze bréngen. D'Geschicht vum Hôtel de Luxembourg, direkt niewendrun, an haut e chinesesche Restaurant, léisst sech bis an d'XVIII. Joerhonnert zréckverfollegen. De Michel Schrobilgen hat hei am Haus de „Café Français" vun 1807 bis 1837. Et sinn esouguer Theatertruppen hei opgetrueden. Esou ënner anerem de Professer Krosso mat sengem „Théâtre Académique". Um Eck vun der Waassergaass an der Helleggeeschtstrooss steet dat fréiert Haus „de Brias von Hollenfels". Dat aalt Rittergeschlecht von Hollenfels war schonn am Mëttelalter ausgestuerwen. Ëm 1850 huet d'Haus der Joffer Gellé gehéiert. An ir d'Haus an de Besëtz vum Staat koum, wor déi bekannte „Quincaillerie Printz" hei am Haus. Dëse Komplex gouf renovéiert, an d'Servicer vun onser Chamber hunn hei en neien Ënnerdaach fond.

Géigeniwwer hu mer dann onst Chambersgebai, do wou fréier d'Nikloskierch stong. Direkt niewent der Chamber, de groussherzogleche Palais. De Palais, deen op eng laangjäereg Geschicht kann zréckblécken, ass d'Aarbechtsplaz vun onsem Grand-Duc an huet och héich offiziell staatlech Aufgaben ze erfëllen. De Palais gouf vun 1572 – 1574 op däer Plaz erbaut, wou dat éischt Gemengenhaus stong, dat am Joer 1554 duerch eng Explosioun vum Polferlager zerstéiert gouf. No de schroe Bombardementer duerch déi franséisch Truppen vum Kinnik Louis XIV. gouf dat Gebai restauréiert. Vun 1815 bis 1867 wor d'Gebai de Sëtz vun der Regierungskommissioun. Säit 1890 ass de Palais nëmme méi geduecht fir d'Notzung vun onsem Monarch. Mee de Palais ass awer och e Monument vun der Konscht. D'Fassade mat dem Gelänner aus fer forgé, d'Tiermercher mat verschlongene Motiver, den Dach an nach villes méi. Et ass schon derwäert, dat ee sech de Palais an aller Rou ukuckt. Vergiesse mer awer net déi groussaarteg Renovatiounsaarbechten aus den 90er Joeren vum leschte Joerhonnert, déi ënnert dem Architekt Daniel Gaimard gemaach goufen!

Loosse mer ganz gemittlech weider tréppele laanscht de Palais bis op de „Lentzen Eck". Dëst ass en typescht Biergerhaus aus dem 18te Joerhonnert. Um éischte Stack fanne mir an enger Nisch eng schéi Muttergottesstatu aus dem 18te Joerhonnert. Bis Enn 2002 wor hei am Haus nach dee gutt bekannten a Lëtzebuerger Café, „Um Lentzen Eck". Leider ass aus dem Lentzen Eck en ultramoderne Bistro ginn an den Numm ass changéiert. - Schued! Vis-à-vis vum Lentzen Eck steet am groussen Eckhaus um éischte Stack an enger Nisch eng aner Muttergottesstatu aus dem 18te Joerhonnert. Am 16te Joerhonnert wor dëst Haus d'Zonfthaus vun de Bäcker a Metzler. Ënnenan am Haus haten d' Bäcker an d'Metzler hir Verkafsstänn. Nummer 4 ass d' Gebuertshaus vum Batty Fischer, Zänndokter vu Beruff, bekannt duerch seng flott an intressant Fotoë vun der Stad a vun der Alstad. Et gëtt erzielt, de Batty Fischer hätt muencher Patient a senger Praxis waarde gelooss, well e léiwer Fotoë gemaach huet. E puer Meter weider sti mer um Eck vun der Krautmaart- a Geriichtsstrooss. D'Haus op dësem Eck, déi heiteg Banque Générale du Luxembourg, heescht am Volleksmond „Conrotseck". Hei gesi mer um Eck vun der Fassade, déi viru Joere schéi restauréiert Pieta mat der Joereszuel 1570. Tëscht der Joereszuel erkenne mer d'Zonftwope vun de Bäcker an de Metzler. Dës Pieta huet den Här Leo Conrot 1897 bei der Erneierung vun der Fassade ubrénge gelooss. D'Statu staamt aus dem fréieren Zonfthaus vun de Bäcker a Metzler.

Mir ginn elo an Nordstrooss eran, oder besser gesot an d'Chiggerisgaass. 1848 wor hei d'Chiggerisfabrek, déi dann och der Strooss hire Lëtzebuerger Numm ginn huet. Am Haus 11 hat dem Dokter Neumann seng Duechter an de Joeren 1876-1879 eng Dréckerei, déi spéider de Jean Hary iwwerholl huet an aus däer 1886 déi heiteg „Imprimerie Saint Paul" ginn ass. Iwwert der Hausdier gesi mer e Peschtkräiz. Am 15te, 16ten a 17te Joerhonnert sollen dës Kräizer d'Pescht aus den Haiser ewech gehalen hunn. E puer Meter weider hu mer op der rietser Säit vun der Strooss eng schéi Vue op de Pafendall an op „d'Dräi Eechelen", an op der lénker Säit gesi mer d'Gebai vum Friddensgeriicht

**Weider op onsem Tréppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 7**

Quell: Die Altstadt Luxemburg,
Tony Kellen, 1939

